

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04. Mee 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister, den Här Minister fir Fuerschung an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuenger Fuerschungsinstituter an d'Uni schaffen a ganz pointéierten Domänen, an deenen och Lëtzebuenger Entrepenen täteg sinn. Ee wichtege Pilier vun eiser Wirtschaft dréit ëm Satellitten, awer och d'Informatik an d'Kommunikatioun sinn e wichtegt Feld. Un der Spëtzt vun Entwécklungen an esou Beräicher ass dacks d'Militär. An esou liest sech och de PESCO-Programm vun der EU, deen eng permanent Zesummenaarbecht bei militäresche Projekte reegelt, wéi en potentiell interessant Betätigungsfeld fir Lëtzebuenger Knowhow a stellt e Sprangbriet fir weider Entwécklungen an eng potentiell Vitrinn fir Fuerschung a Wirtschaft duer. Ausserdeem ass an deene PESCO-Programmer dacks eent vun eisen Nopeschlänner fiederféierend, sou datt Lëtzebuerg am Prinzip och gutt Kontakter zu där betreffender *lead-nation* hätt.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. A wéi enge PESCO-Programmer ass Lëtzebuerg am Abléck aktiv? Ass et just de GMSCE oder ass Lëtzebuerg nach un anere Programmer bedeelegt oder interesséiert?
2. Wéi eng konkret Auswierkunge erwaart sech d'Regierung vun der Mataarbecht bei PESCO-Programmer, z.B. fir eis Verdeelegung, eis Economie oder eis Fuerschungslandschaft?
3. Am „*Cyber and Information Domain Coordination Centre*“ (CIDCC) ginn Informatiounen aus dem Cyberraum, dem elektromagnéiteschen Ëmfeld an dem allgemengen Informatiounsëmfeld integréiert fir si bei militäreschen Operatiounen a Missiounen ze notzen. Wéi wäit wär esou e Projet fir Lëtzebuerg interessant a kéim eng direkt Bedeelegung vun eisem Land un dem Projet a Fro?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten